N°1354
Entrée le 14.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro n°3987 vum 30. Mäerz 2021 huet den honorabelen Deputéierte Goergen d'Problematik vun Zwangsbestietnesser zu Lëtzebuerg ugeschwat. Hien huet ënner anerem drop higewisen, dass et zu Lëtzebuerg aktuell nach net genuch Méiglechkeete gëtt, fir Mënsche virun Zwangs- a Kannerbestietnesser ze schützen. D'Äntwert vun der Regierung huet zwar op verschidde bestoend Moossname verwisen, awer et bleift d'Fro, ob dës Efforten duer ginn, fir dësem komplexen an dacks verstoppte Problem entgéintzewierken.

Doriwwer eraus huet den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher (OKAJU) a sengem Rapport vun 2022 op d'Risike vun Zwangsbestietnesser zu Lëtzebuerg opmierksam gemaach. Dëst ënnersträicht d'Drénglechkeet, datt mir als Gesellschaft a politesch Verantwortlecher dëser Problematik méi Opmierksamkeet widmen an effektiv Léisungen entwéckelen. Et ass wichteg, datt mir all eis Institutiounen - vun der Schoul iwwer d'Asylservicer bis hin zu eise Geriichter - besser equipéieren, fir dës Fäll ze erkennen, ze verhënneren an d'Affer adequat ze schützen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vun Zwangsbestietnesser goufen an de leschten 3 Joer zu Lëtzebuerg entdeckt a juristesch verfollegt?
2. Wéi vill Bestietnesser mat Mannerjäregen (ënner 16 Joer oder tëscht 16 an 18 Joer) goufen an de leschten 3 Joer zu Lëtzebuerg registréiert?
3. Wéi eng legal Instrumenter gëtt et aktuell, fir Affer vun Zwangsbestietnesser ze schützen, a gëtt et Pläng, fir dës ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten